

01.07.2023 – Discours du Président de la Chambre des Députés **Fernand Etgen** - Acte solennel à l'occasion de l'entrée en vigueur de la Constitution révisée

(*Seul le discours prononcé fait foi)

Monseigneur, Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus den nationalen Institutiounen, Exzellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,

Haut ass en historeschen Dag. Den 1. Juli 2023, geet an d'Geschicht an, well haut dat wichtegst Gesetz wat eist Land huet a wat eis Demokratie definéiert, a senger ëmgeännerter Form a Kraaft trëtt. Lëtzebuerg huet elo eng vun de modernste Verfassungen an Europa a mir kënnen houfereg dorop sinn.

Eis Constitutioun ass fir mech wéi eng wäertvoll Skulptur aus Marber. An de leschte Joren a Joerzénge hu vill Michelangeloen – Politiker a Bierger - gehummert, gefeilt a geformt, fir aus engem raue Steeblock, eng wonnerschéi Marber-Skulptur ze formen. Haut ass si op héichglanz poléiert. Mir gefällt se ganz gutt. Mir gefällt dee Marber ganz gutt.

Marber ass en eedelen Natursteen. Am Marber erkennt ee verschidde Muster dran. Esou wéi och an eise Verfassungstexter verschidde Meenungen zesummegefloss sinn. D'Aarbechte vun der Chamber un de verschiddene Kapitele vun der Constitutioun sinn iwwert déi traditionell Meenungsverschiddenheete raus gaangen an hunn zu engem Konsens gefouert, wat mech als Chamberspräsident ganz houfereg mécht.

Marber ass e robuste Steen. A wa mol e Rass sollt dra kommen, wäerte Michelangeloen dat rëm flécken.

Um Marber kann och ëmmer rëm liicht gefeilt ginn, ouni datt déi ganz Skulptur ausenee brécht. Sou wéi och eise Verfassung ëmmer rëm kann ugepasst ginn, well eise Gesellschaft, eist Zesummeliewen an eist politescht Ëmfeld evoluéieren.

Mir müssen eise Marber-Skulptur och an Zukunft fleegen a schützen. Dat ass d'Aufgab vun eis all. Zesummen. Mir müssen all Dag dofir suergen, datt de Marber vun dëser schéiner Skulptur ëmmer weider blénkt.

Ech soen op dëser Plaz all deenen e grouse Merci, déi an de leschte Joren a Joerzénge un dëser schéiner Skulptur geschafft hunn, a besonnesch deene 4 Rapporteren, déi hei nieft mir stinn.

Éiert ech elo d'Wuert weider ginn un de President vun der Institutiounekommissioun, erlaabt mir kuerz op de weideren Deroulement vun de Moien anzegoen. No der Ried vum Här Mars Di Bartolomeo wäert Dir, Monseigneur, mat mir zesummen eng Plack aweien, déi hei ënnen virun der Trap steet.

Dës Plack ass net aus Marber. Mee si wäert eise ëmmer rëm symbolesch un déi Skulptur vun där ech geschwat hunn an un dësen historeschen Dag erënneren. An dofir gött si an den nächsten Deeg am Haaptgebei vun der Chamber festgemaach.

Si soll eise villäicht manner un dat erënneren, wat vollbruecht gouf, mee haaptsächlech, un eise Verantwortung an den nächste Méint a Joren, eise Constitutioun ëmzesetzen, ze respektéieren an héichzehalen.

Ech soen Iech Merci an no dëser Zeremonie sidd Dir all häerzlech op eng Receptioun an d'Chamber invitéiert.

01.07.2023 – Discours du Président de la Commission de la révision constitutionnelle, **Mars Di Bartolomeo** - Acte solennel à l'occasion de l'entrée en vigueur de la Constitution révisée

(*Seul le discours prononcé fait foi)

Altesse Royale, Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen an Éieregäscht,

Haut um 1. Juli 2023 trëtt eis fundamental iwwerschaffte Verfassung a Kraaft. Merci lech all, datt Dir duerch Är Präsenz d'Wichtigkeet vun deem Dag ënnersträicht. Et ass definitiv en historesche Moment, well mer an deene leschten 175 Joer keng esou déifgräifend Reform erlieft hunn.

Mir feieren net an der Chamber, wou nëmmen Deputéierter a Ministeren Zougang zum Sëtzungssall hunn, mat e puer Plaze fir de Public, mee ënner fräiem Himmel. Dës Plaz, de Krautmaat, verbënnt eis wichteg Institutionen, d'Chamber an de Grand-Duc, d'Regierung, de Staatsrot an d'Justiz mateneen.

Dir all hutt Ären Deel derzou bäigedroen, datt mer no iwwer 20 Joer Aarbechten eng Verfassung kréien, déi net nëmmen den institutionellen, politeschen a soziale Realitéite gerecht gött, mee déi eis ambitiéis Ziler mat op de Wee gött.

Haut si vill Verrieder vun alle staatlechen Institutione komm, mee och Leit, déi keng staatlech Fonctioun oder e politescht Mandat hunn. Dat sidd Dir, léif Matbiergerinnen a Matbierger, déi eis am Kader vun „Är Virschléi“ eng Rei Propositione mat op de Wee ginn hutt, fir eise Verfassungstext nach besser ze maachen! lech alleguer och ee grouse Merci fir dës Iddien, déi hiren Nidderschlag an eiser Verfassung fonnt hunn.

Monseigneur,
Dir Dammen an Dir Hären,

Mam Chamberspresident an den dräi Corapportere vun den neie Verfassungstexter, der Kolleegin Simone Beissel an de Kolleege Léon Gloden a Charel Margue däerf ech haut mat lech de symbolesche Startschuss fir eis fundamental iwwerschaffte Verfassung ginn. Mee nieft all deenen, déi an der Chamber, am Staatsrot, an de Beruffskummeren an an der Regierung un den Texter matgeschafft hunn, wëll ech ganz speziell de Merite vu mengen zwee Virgänger, dem Paul-Henri Meyers an dem Alex Bodry ënnersträichen. Merci Paul, merci Alex, merci och der Equipe an der Verwaltung vun der Chamber.

Léif alleguer, ouni Är onermiddlech Aarbecht, ouni Ären Asaz, fréier an haut, ouni Är Kompromëssfäegkeet an Är Motivatioun trotz Réckschléi wäre mer haut net hei. Mir kommen aus ënnerschiddleche Parteien, mee mir hunn et fäerdegbruecht, Texter ze schreiwen, déi eng ganz grouss Ënnerstëtzung net nëmmen an der Chamber kruten. Dofir lech alleguer meng Unerkennung an ee ganz grouse Merci.

Deen neien Text ass keng Revolutioun, kee Broch mam bisheeregen Text, mee eng ganz staark Evolutioun am Respekt vun deem, wat sech bewäert huet. Dat gött ënnerstrach

duerch de Fait, datt circa 50 % vun der bisheereger Verfassung am neien Text iwweholl ginn. Eis bisheereg Verfassung ass zwar am Laf vun der Zäit schonn x-mol adaptéiert ginn an dach stellt déi revidéiert Verfassung e Quantesprong duer.

Mir feieren awer haut net nëmmen d'Akraaftsetzung vun eiser revidéierter Verfassung, mee och dat, woufir eist Grondgesetz, dat wichtegst vun alle Gesetzer, eis iewescht Norm, steet.

An deem neien Text fanne mer déi Identitéit, déi Rechter a Fräiheeten, déi gemeinsam Ziler, déi Wäerter vun Demokratie, Fräiheet, Rechtsstaatlechkeet erëm, fir déi Generatioune gekämpft, jo hiert Liewe gelooss hunn. Mir ginn eis zesammen Ziler, Prioritéite fir d'Zukunft, also net nëmmen de Bléck no hannen an op dat, wat haut ass, mee och de Bléck an d'Zukunft.

Eis Identitéit huet sech an deene leschten 175 Joer weiderentwéckelt an dat spigelt sech elo an eiser neier Identitéitskaart, déi d'Vefassung duerstellt, erëm.

Si seet an engem relativ kuerzen, kohärenten, gutt liesbaren Text, wou all Wuert seng Bedeutung huet, wat mir sinn, firwat mir stinn, wat eis Grondfräiheeten, eis öffentlech Fräiheeten, eis Staatsziler, also eis Prioritéite sinn.

D'Vefassung reegelt, wéi mer eisen demokratesche Staat, eise Rechtsstaat a seng Institutionen, déi mer alleguer stäerken, insbesondere och eis Chamber, organiséieren.

An anere Wieder: Eis Verfassung kënnt am reale Lëtzebuerg un a setzt Akzenter fir dat Lëtzebuerg vun haut a muer.

Mat e puer Beispiller wëll ech illustréieren, datt de neien Text e grouse Schrëtt no vir ass.

De Rechtsstaat an de Respekt vun de Mënscherechter fannen de Wee an eis Verfassung gradwéi eis Lëtzebuurger Sprooch bei gläichzäitegem Bekenntnis zur Méisproochegkeet. Nei am Text ginn eise rout-wäiss-bloe Fändel, eis Heemecht an eisen Engagement am Projet Europa verankert.

Bei de Grondrechter, déi onverletzlech sinn, kommen de Respekt vun der mënschlecher Würd, de Verbuet vu Folter an onmënschlechen Traitement gradwéi d'Gedanken-, Gewëssens- a Reliounsfräiheet derbäi.

Bei den öffentleche Fräiheete ginn d'Rechter vun de Famillen, de Kanner an den Dateschutz gestäerkt an d'Asylrecht gëtt verankert.

Bei de Staatsziler, de Prioritéite vun eisem Staat, kommen d'Veankerung vum Sozialdialog, dee fir de Lëtzebuurger Modell steet, dat mënschewierdegt Wunnen, de Schutz vun der Ëmwelt an de Kampf géint de Klimawandel derbäi oder se gi gestäerkt.

D'Déiere ginn als net mënschlech Liewewiesen unerkannt, déi eng Sensibilitéit hunn an deenen hiert Wuelbefannen ze schützen ass.

D'Recht op Kultur, de Schutz vum kulturelle Patrimoine an d'Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung gehéieren och zu dese Prioritéiten.

Den iwwerschaffte Verfassungstext bréngt eis insgesamt eng Stärkung vun eisen Institutionen.

Dem Grand-Duc, eisem Staatschef, seng Roll, gëtt am Text un déi geliefte Realitéite vun enger parlamentarescher Demokratie, enger constitutioneller Monarchie erugefouert.

De Grand-Duc ass Deel vum Executif an d'Reegele vun der Trounfolleg, enger eventueller Regence ginn an der Verfassung verankert.

Eise Staatschef kritt déi Mëttelen, déi seng representativ Missioun verlaangen.

D'Regierung féiert déi allgemeng Politik vum Land an d'Regierungsmemberen ënnerleien an Zukunft dem Droit commun a Saache Strofrecht.

D'Onofhängegkeet vun der Justiz a vun de Riichtere ginn an eisem Grondgesetz verankert an den nei geschafene Conseil national de la justice waacht iwwer hire gudden Fonctionnement.

Och d'Rechter vun deem, dee virun d'Justiz kënnt, gi gestärkt duerch d'Présomption d'innocence a raisonnabel Delaien, déi an der Constitutioun zougeséichert ginn.

Eis Chamber gëtt duerch deen neie Verfassungstext weesentlech gestärkt, net nëmmen an hirer Kontroll iwwer d'Regierung.

Eist Chambersreglement kritt an der Verfassung ee fest Fundament, eist Recht op Informatioun vun der Regierung gëtt gestärkt, eng Enquêtëkommissioun kann net méi vun enger Majoritéit ofgeblockt ginn, mee si muss agesat ginn, wann op d'mannst een Drëttel, also 20 Deputéiert, dat verlaangen.

Et ass d'Chamber, déi mat Vertrauens- a Mësstrauensvotten eng determinant Roll ze spillen huet.

D'Biergerbedeelegung gëtt weesentlech gestärkt doduerch, dass d'Chamber sech mat Gesetzesinitiative vun de Leit befaasse muss, wann esou Gesetzesvirschléi breet gedroe sinn. Den Internetsite fir dës Gesetzesvirschléi ass säit haut de Moien online.

De fundamental iwwerschaffte Verfassungstext consacréiert och d'Trennung vu Kierch a Staat an eis Berufschamberen an den Ombudsman ginn an eis Verfassung ageschriwwen.

Dir gesitt also, dass hei eng zolidd Aarbecht geleescht gouf.

Monseigneur,
Dir Dammen an Dir Hären,

Och beim Feieren dierf een, a soll ee kritesch mat sech selwer sinn.

Wa mer haut d'Entrée en vigueur vun der ugepasster Constitutioun feieren, da muss een och wëssen, dass mer net just un dësem Text geschafft hunn. Ganz vill Gesetzer an och Revisiounen vum Règlement vun der Chamber hu misse geschriwwen ginn, fir déi nei Verfassung mat Liewen ze fëllen. Mir hunn eis zum Zil gesat, dass all dës Texter sollen haut a Kraaft treden. Mir hunn dëst gepackt, well jidderee mat ugepaakt huet.

Mission accomplie!

Mir kruten och virgeworf, dass bei eiser iwwerschaffter Verfassung d'Biergerbedeelegung net wäit genuch gaang wier.

Wuel ass et net zum ugekënnegte Referendum komm, mee iwwer Foren, iwwer d'Initiativ „Är Virschléi“ an Auditiv gouf den Text, deen haut a Kraaft trëtt, weesentlech beaflosst. Dobäi kënnt, dass mer eis iwwerschaffte Verfassung iwwer eng ganz Rei vun Initiativen de Leit méi no bruecht hunn, an déi Broschür mam integralen Text an dräi Sproochen, déi un all Haushalter gaang ass, ass nëmmen ee Beispill dofir.

Altesse Royale, léif Éieregäscht,

An der Verfassung soll een eist Land a seng Leit, eis ganz Communautéit, erëmerkennen. Si soll weisen, wien a wat mer sinn, a firwat mer stinn a wat eis Wäerter an Ziler sinn, si soll eis Gemeinschaft op engem zolitte Fundament zesummebréngen.

Zesumme mat mengen dräi Corapporteurs, der Institutiounskommissioun an eise Virgänger an allen, déi matgeholfen hunn, si mer iwwerzeegt, dass mer eise Beitrag an iwwer 200 Sätzungen dozou geleescht hunn.

Elo ass et un eis, dat geschriwwent Wuert an d'Praxis ëmzesetzen. A well och eng zolidd Verfassung net statesch däerf sinn, musse mer bereet bleiwen, weider un eisem Grundgesetz ze schaffen, wann et sech als noutwenneg erweist.

Merci